



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

An engem Interview am Wort vum 25.04.2020 („Wir ducken uns nicht weg“) huet den Här Staatsminister op d'Froen a Bezuch op d'Task Forces – wien an den Task Forces vertruede wär, no wéi enge Krittären déi Leit erausgesicht gi wäeren an ob do och Vertrieder vun de „Big 4“ séizen – geäntwert: „Jede Veröffentlichung die personenbezogen ist, muss im Einklang mit Datenschutzregeln sein“.

Elo kann ee verstoen, datt, wa Beamten an deene Gremie sëtzen, déi ënnert der politescher Verantwortung vun hire Ministere schaffen, d'Nimm vun deene Persounen héchstens an Ausnahmefäll politesch relevant sinn.

Mee allgemeng stellt sech awer hei d'Fro no der Transparenz, well d'Ëffentlechkeet jo wuel e Recht drop huet, fir gewuer ze ginn, wéi eng Interessegruppen eventuell kënnen en direkten Afloss op d'Decisiounen vun der Regierung hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Staatsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi eng Berodergremien an Task Forces gëtt et aktuell a wéi sinn si personell an institutionell zesummegeat? Sëtzen do och Vertrieder oder Memberen oder Bénéficiaires économiques an iergend enger Form vun deene „Big 4“ dran?
2. Op wéi eng Datschutzregeele bezitt sech den Här Staatsminister genee?
3. Ass den Här Staatsminister gewëllt, fir d'Membere vun de Berodergremien ze froen, ob si mat der Publikatioun vun hirem Numm averstane sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 28 avril 2020

Objet : Question parlementaire n° 2094 du 27.04.2020 de Monsieur le Député Fernand
Kartheiser - Task Forces

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai
d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés